N°565
Entrée le 03.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.04.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/04/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Wirtschaft weiderzeleeden.

Hollännesch Cryptotrading-Plattforme mellen, dass d'Traden mat Derivater verbuede gëtt. De Grond dofir ass d'Implementéierung vun der EU-Antigeldwäsch-Direktiv (AMLD5). Vill Crypto-Investisseure ginn elo kreativ a sichen Ëmweeër iwwert d'Legislatioune vun anere Länner, wéi zum Beispill déi Vereenegt Arabesch Emirater, Palau, etc. Zu Lëtzebuerg gouf d'EU-Direktiv mam Gesetz vum 10te Juli 2020 ëmgesat. Zu Lëtzebuerg ass Crypto-Traden mat Derivater aktuell nach méiglech.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert och zu Lëtzebuerg de Crypto-Trading mat Derivater weiderhin erlaabt bleiwen?
2. Am Koalitiounsaccord ass näischt zu Crypto-Wärungen an Handel ze fannen. Wéi eng Pläng huet d'Regierung diesbezüglech fir Lëtzebuerg?
3. Huet d'Regierung Kenntnis, wéi vill Plattformen fir den Echange vu Cryptowährungen hir Servicer hei zu Lëtzebuerg ubidden?
   Falls jo, wéi eng Plattformen sinn dat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°565
Entrée le 06.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth op d'parlamentaresch Ufro n°565 vum 3. Abrëll 2024 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen

De Finanzministère an d'Commission de Surveillance du Secteur Financier (CSSF) suivéieren déi neisten Entwécklungen am Beräich vun de Crypto-Aktiven.

Am Kontext vun der Roll, déi Lëtzebuerg als ee féierende Fongestanduert spillt an als eng unerkannte Juridictioun fir international Kapitalmäert, läit de Schwéierpunkt vum Finanzministère an dësem Beräich virun allem drop e förderlecht Ëmfeld an en Ekosystem fir sougenannten digital Verméigenswäerter ("tokenized financial instruments") ze schafen. Duerch een innovatiouns-frëndleche Gesetzeskader huet Lëtzebuerg sech um internationale Plang kloer positionéiert. Virun allem Lëtzebuerger Recht gëtt haut vu groussen internationalen Acteure benotzt fir zum Beispill digital Obligatiounen ze eemettéieren. De Finanzministère wäert u weideren Upassunge schaffen, déi d'Attraktivitéit an d'Kompetitivitéit vun der Finanzplaz stäerken.

Als EU-Memberstaat applizéiert Lëtzebuerg déi europäesch Reegelen am Beräich vun de Krypto-Aktiven. Et sief an deem Kontext ugemierkt, dass d'Emissioun an den Handel mat Kryptowärungen vum 30. Dezember 2024 un, engem neien EU-Reglement ("Regulation on Markets in Crypto Assets, MICA") ënnerleien. Lëtzebuerg begréisst déi EU-wäit Harmoniséierung vun dëse Reegelen an huet d'Aarbechte fir een europäesche Gesetzeskader aktiv mat begleet. E Gesetzesprojet, deen eng uerdnungsgemäss Uwennung vun den neien eenheetleche Virschrëften um nationale Plang sécherstellt, gëtt zäitno deposéiert.

Plattforme fir den Austausch vu Kryptowärungen, déi hir Servicer zu Lëtzebuerg ubidde, musse sech bei der CSSF als " Virtual Asset Service Provider" enregistréieren. 12 Entitéiten sinn aktuell bei der CSSF enregistréiert. De komplette Register kann ënnert follgendem Link opgeruff ginn: Recherche entités (cssf.lu)

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth